N°2323
Entrée le 15.05.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 15.05.2025
Chambre des Députés

LSAP

Monsieur Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 15. Mee 2025

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

Am Rapport annuel vum Ministère fir Bildung, Kanner a Jugend vun 2024 ass op de Säiten 135-138 eng Lëscht mat de Projete vum Service de réalisation et rénovation ze fannen. Hei ginn ënnert anerem siwe Projeten opgelëscht fir Strukture fir Mannerjäreger, déi ouni d'Begleedung vun engem Erwuessenen op Lëtzebuerg komm sinn, fir hei eng Demande de protection internationale ze stellen – déi sougenannte Mineurs non accompagnés (MNA). Des Weideren si véier SLEMO-Projeten opgelëscht, wou Jonker bis 27 Joer betreit wunne kënnen, woubäi des Strukturen alle Jonken opstinn an net just Persounen, déi eng Demande de protection internationale gemaach hunn.

An deem Kontext wéilt ech dem Minister follgend Froe stellen:

- Wéi vill Strukturen am Land kënnen aktuell Mineurs non accompagnés ophuelen? Wéi vill Kanner a Jugendlecher kënnen an dëse Strukture jeeweils maximal opgeholl ginn? Bei wéi vill Prozent louch d'Auslaaschtung vun dëse Strukture jeeweils am Joer 2024?

- Wéi vill MNAen sollen an Zukunft zousätzlech kënnen opgeholl ginn, duerch déi am Rapport annuel virgesinne Projeten?
  Ginn et entretemps nach weider Projeten, déi nach net am Rapport annuel vun 2024 opgelëscht goufen?
  Falls jo, wou sinn déi nei Strukture geplangt, wéi vill zousätzlech Plaze sollen duerch dës(e) Projet(en) entstoen an ab wéini sollen d'Stukture kënne benotzt ginn?

- Geet déi aktuell Unzuel u SLEMO-Plazen duer, fir och déi staark Demande vu Säite vun de jonke Bénéficiaires de protection internationale gerecht kënnen ze ginn?

- Wéi sinn d'SLEMOen opgestallt, fir Persoune mat Fluchterfarung an z.B. engem Krichstrauma adequat encadréieren ze kënnen?

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu

- Sinn zousätzlech spezifesch Strukture fir den Encadrement vu jonken Erwuessene mat Fluchterfarung geplangt?
  Falls jo, wou a wéi vill zousätzlech Plaze solle geschaf ginn?

Mat déiwem Respekt,

Francine Closener
Deputéiert



Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 2323 vun der honorabeler Deputéiert Francine Closener**

1. **Wéi vill Strukturen am Land kënnen aktuell Mineurs non accompagnés ophuelen? Wéi vill Kanner a Jugendlecher kënnen an dëse Strukture jeeweils maximal opgeholl ginn? Bei wéi vill Prozent louch d'Auslaaschtung vun dëse Strukture jeeweils am Joer 2024?**

D'Struktur Primo-accueil pour mineurs non accompagnés verfüügt iwwer 18 fest Plazen. Hei ginn d'Mineurs non accompagnés (MNA) nëmme fir eng kuerz Zäit opgeholl, bis si an eng passend Folgestruktur weidergeleet ginn.

Am Ganze ginn et 15 Folgestrukture fir MNA, déi vu véier verschiddene Prestatairë bedriwwe ginn. Zesumme stellen dës Strukturen aktuell 159 Plazen zur Verfügung.

D'Zuel vun de MNA, déi zu engem bestëmmte Moment ukommen, ass schwéier virauszesoen. Grondsätzlech kann een awer soen, datt d'Kapazitéiten de Besoinen am Allgemengen entspriechen.

2. **Wéi vill MNAen sollen an Zukunft zousätzlech kënnen opgeholl ginn, duerch déi am Rapport annuel virgesinne Projeten? Ginn et entretemps nach weider Projeten, déi nach net am Rapport annuel vun 2024 opgelëscht goufen? Falls jo, wou sinn déi nei Strukture geplangt, wéi vill zousätzlech Plaze sollen duerch dës(e) Projet(en) entstoen an ab wéini sollen d'Stukture kënne benotzt ginn?**

Fir d'Joer 2025 an 2026 si véier nei Strukture mat insgesamt 51 Plaze geplangt. Dës sollen zu Beetebuerg, Houschent a Waasserbëlleg entstoen.

3. **Geet déi aktuell Unzuel u SLEMO-Plazen duer, fir och déi staark Demande vu Säite vun de jonke Bénéficiaires de protection internationale gerecht kënnen ze ginn?**

Bis zum Alter vu 27 Joer huet all Jonken, deen zu Lëtzebuerg Resident ass, d'Urecht, eng Demande fir eng SLEMO-Mesure ze stellen. Op Basis vum Dossier vum Jonke gëtt evaluéiert, ob dës Mesure sengen individuelle Besoinen entsprécht oder ob d'Konzept vum Jugendwunnen eventuell méi ugepasst wier.

D'Auslaaschtung an de SLEMO-Wunnenge ka vun Dag zu Dag variéieren. De Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend ass beméit, all Joer nei zousätzlech Plazen am Kader vum SLEMO-Dispositif ze schafen, fir esou besser op d'Demande kënnen anzegoen.

4. **Wéi sinn d'SLEMOen opgestallt, fir Persoune mat Fluchterfarung an z.B. engem Krichstrauma adequat encadréieren ze kënnen?**

Wéi et am Cadre de référence national de l'aide à l'enfance et à la famille virgesinn ass, läit et an der Verantwortung vun all Träger, dee SLEMO-Plaze geréiert, säi Personal esou ze forméieren, datt et op déi spezifesch Besoine vun de Jonken agoe kann.

Um Niveau vun der Agence de Formation vun der FEDAS gi spezialiséiert Formatiounen ugebueden, déi sech un d'Personal riichten, dat mat MNA schafft. Dës Formatioune stinn och dem Personal aus de SLEMO-Strukturen zur Verfügung.

Jonk Erwuessener mat Fluchterfarung kënnen iwwert den Office national de l'enfance (ONE) eng Demande fir eng psychologesch oder psychotherapeutesch Consultatioun stellen.

**5. Sinn zousätzlech spezifesch Strukture fir den Encadrement vu jonken Erwuessene mat Fluchterfarung geplangt? Falls jo, wou a wéi vill zousätzlech Plaze solle geschaf ginn?**

Jonk Erwuessener mat Fluchterfarung kënnen op déi besteeënd Mesuren aus dem Dispositif vun der Aide à l'enfance et à la famille zeréckgräifen, dorënner de Logement encadré, psychologesch a psychotherapeutesch Consultatiounen.

Lëtzebuerg, den 20. Juni 2025

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH